# FRÄIE MIKRO – BOB REUTER

DIFFUSIOUNSDATUM: 30/09/2025

## D'KONSCHT MAT DER AMBIVALENZ VUM LIEWEN EENS ZE GINN

### USO (MAX. 400 ZEECHEN)

Mir schwätzen dacks vun decisive Momenter oder vu „Kräizungen“, wou sech eist perséinlecht oder eist gesellschaftlecht Schicksal entscheede géif: wa mer no lénks ginn, da komme mer an d'Paradäis, gi mer no riets, dann ass et d'Katastroph déi op eis waart. Oder mer soen, mer missten d'Kéier kréien, fir datt alles gutt gëtt oder soss géif et ganz schlëmm kommen. Am Fräie Mikro vun haut proposéiert de Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, dës Denkweis z'iwwerwannen.

### TEXT (429 WIERDER – MAX 2:30)

Ech si viru kuerzem op e Begrëff gestouss, deen ech immens spannend fannen: *Ambitopie*. Ech hu fir d'éischt doriwwer gelies an engem Essay vum Schrëftsteller a Aktivist Dr. Redfern Jon Barrett.

Hien seet mir géifen oft denken, datt wa mer perséinlechen oder gesellschaftleche Fortschrëtt erreegt hunn, nodeems mer “d'Kéier kritt hunn” oder “dee richtege Wee ageschloen hunn”, dass dann d'Utopie, déi perfekt Welt, op eis waarde géif, déi dann iergendwéi – magescher Weis – erkämpft wär. Oder, ëmgedréint, ab engem gewësse Moment, wär alles verluer a näischt méi ze retten.

Mee esou ass d'Welt net. An esou war se och nach ni. Et gëtt méi schlëmm *an* et gëtt besser. Gläichzäiteg. D'Zukunft ass keng Utopie. D'Zukunft ass keng Dystopie. D'Zukunft ass eng Ambitopie. Si ass ambi-valent, se enthält ëmmer Saachen déi eis gefalen an där déi eis

net gefalen. A näischt hält éiweg. Déi Dreem wou mer eis erkämpft hunn, bleiwen net éiweg realiséiert a mussen ëmmer nees erkämpft ginn.

An dat ass dat wat mer erkenne kennen: Mir liewen ëmmer an enger Welt wou déi zwou Extremer existéieren: Mir gesinn ëmmer Fortschrëtt – a mir gesinn ëmmer Réckschléi. Dëst z'erkennen, kann eis d'Panik an de Stress huelen, mee eis awer och motivéiere fir eis stänneg fir eng besser Welt anzesetzen an eis net op eise Lorberen auszerouen an ze mengen "elo ass et gedoen". Mir sinn net, plëtzlech, verdaamt, an da kënne mer näischt méi drun änneren. Mee mir ginn och net, ee fir alle mol, „gerett" an dono musse mer näischt méi maache fir eis Virstellunge vun enger besserer Welt ze verwierklechen.

Heescht dat, datt mer resignéiere solle well d'Utopie onerreechbar bleift? Nee! Am Géigendeel. D'ambitopesch Denkweis seet eis: grad well et ni nëmmen hell oder nëmmen donkel ass, kenne mir ëmmer eppes maache fir d'Welt méi schéin ze maachen a mir kenne wierksam sinn. Mir hu souguer d'Verantwortung fir eis dofir anzesetzen an ze handelen. Well mir hunn eppes, wat d'Bewunner vun enger renger Utopie oder enger renger Dystopie net hätten: Handlungsspillraum. An enger Utopie wär nämlech schonn alles perfekt gutt an et bräicht een sech net méi drëms ze beméien eppes ze verbesseren. An an enger Dystopie wär alles schonns sou schlëmm wéi et schlëmmer net kéint ginn a besser wéi et do ass kéint et och net méi ginn.

D'Zukunft wäert ëmmer aus béide Facette bestoen. Wéi d'Mëschung konkret ausgesäit – dat läit un eis, do kënnen a musse mir eis Verantwortung iwwerhuelen, an zwar ëmmer nees. Se gëtt net automatesch ëmmer besser an och net automatesch ëmmer

schlëmmer, ab engem gewësse “Wendepunkt”. Et bleift ëmmer un eis fir d’Zukunft ze gestalten.